**D‘ Jeannette Braun-Giampellegrini erënnert sech –**

**Ausgewielten Auszich aus dem Gespréich mam Lynn Orazi, gefilmt ënnert der Regie vum Anne Schiltz**

MuGi.lu
Music and Gender in Luxembourg

*Iwwert hier Hierkonft aus engem musikaleschen Aarbechtermilieu mat Migratiounshannergrond:*

> „…mäi Liewen... ech si mat Musek op d'Welt komm, well anscheinend huet mäi Papp gesot, wéi ech op d'Welt komm sinn: ‚Hatt mécht Piano!‘ Dat war bei him eng idée fixe. […] Ech hat ee Mantel, ech hat ee Rack, ech hat eng Jupe a c'était tout que j'avais. J'avais rien. Heiansdo hu meng Elteren, déi haten d'Suen net fir d'Pensioun ganz ze bezuelen, do sinn ech déi Zäit och nach Coursen hale gaangen oder Kanner versuerge gaangen an de Quartier. A, zu Paräis, fir Suen ze kréien. Do hunn ech alt do meng Harmonie geschriwwe wann d'Kanner am Bett waren, bis d'Leit erëmkomm sinn. […] Jo mee, meng Eltere konnte mir näischt sou offréieren, si waren, also... A scho wéi mir... Meng Eltere ware jo Italieener, et huet kee mat eis deemools geschwat. D'Italieener waren nach net... Mir waren ëmmer d'Macaronisfréisser, gell. […] J'ai eu une vie chargée. D'Kandheet war net schéin, parce que c'est encore un truc de guerre. Ech hat nach gesinn, wéi d'Amerikaner komm sinn, an da wa mer an de Bunker owes gelaf sinn, wann d'Sireene komm sinn. J'ai vécu ça. An ech hunn, vu dass mir kee Kontakt mat de Lëtzebuerger... ech hu bis sechs Joer laang nëmmen Italieenesch a Franséisch geschwat. An ech hunn eréischt Lëtzebuergesch geléiert, wéi ech an d'Schoul komm sinn. Jo, mir haten ni Kontakt, et huet kee mat eis geschwat. […] Jo, meng Elteren, déi haten et net schéi wéi se komm sinn. Déi hunn um Bierg an engem Zelt geschlof wéi se komm sinn, mat fënnef Kanner. Mäi Papp ass mat 17 Joer heihinner komm fir ze schaffen, do war keng Famill. “

*Réckbléckend iwwert déi éischt Joren als ganz jonk Museksstudentin zu Paräis:*

> „Also, je ne la [déi fréi Zäit zu Paräis] regrette pas. C'était très dur, ech war och eleng also... mee et deet mir net eng Minutt leed, parce que j'ai... j'ai vécu beaucoup de choses. Ech hu vill Souveniren, des bons souvenirs, des moins bons souvenirs, a sou virun.“

*Iwwert Musekspedagogik:*

> „Ech si jo bekannt datt ech streng war, mee awer net an deem Sënn... du weess, j'insiste bis dass et klappt. […] Dat war da fir mech erëm eng nei Léier. Wéi bréngs du dat deene Kanner bäi? […] Am Ufank ass dat schwéier, et huet een ni genuch... Wéi een et selwer mécht, mee fir et da wierklech bäizebréngen... Well du hues jo sou vill Kanner. All Kand ass ee Charakter. Du muss dat mol kenneléieren. […] Ech hu mir Méi ginn, fir se ze verstoen. […] An och déi, déi keng Karriär maachen, wann ech där begéinen, déi da soen: ‚Dir waart streng, mee mir sinn nach haut... gi mir un de Piano.‘ Wat fir méi eng schéi Récompense kann ech kréien? […] Jo, ech hunn ëmmer Geschichten erzielt. […] Jo, ech mengen dat ass ganz wichteg, dass dat... Ech hu mat de Schüler heiansdo gedanzt fir dass se de Rhythmus spieren. […] du muss däin Instrument kennen. An deng Technik beherrschen. An da gees de an d'Musek eran. Là, ça devient bon. An dann erliefs du dat. Da kënnt dat vu bannen. […] Ech sot, ‚Hei hu mir... Mir fänke mat hinnen un, mir

léieren si kennen. Mir versichen, hinnen de Wee ze weisen, hier Beweegungen, an e bëssen an d'Musek eranzebréngen.’ […] Dat wollt ech deene Membere vun der Jury hei an do, déi sou vun uewe kommen a soen "Hei ass eppes net gutt, an do ass eppes net gutt..." Du weess jo, wéi se jugéieren. Ech si jo elo nach ëmmer an der Jury an ech kann der verrode j'essaie toujours de bien équilibrer ça. […] Ech sot: ‚Wa mir elo déi nei Schüler kréien, dann huele mir déi nei Schüler, déi erakommen, déi jonk. An da gi mir eng Kéier mëttes op e Piano, an da weise mir hinnen de Piano.‘ Well déi meescht kommen dohinner, direkt den ‚Do‘. Mee ech sot: ‚Du musst d'Instrument kennen! Wat mir sinn.‘ An dann hu mir da gesot, da gëtt de Piano gewisen. D'Säiten, d'cordes croisées, wéi dat da kléngt, an dass all Toun... On a regardé le piano, fir dat se kënneg si mat hirem Instrument. Déi aner kréien dat esou an de Grapp, mee hei stees de virun eppes. […] Do waren d'Kanner interesséiert, well se bannen dra gesinn, wat lass war. Mir hu virgespillt, mir hunn héieren, dat ass déif... Am Ufank hues du jo mat ville Schüler och Problemer, wann s du sees ‚lénks‘ an ‚riets‘. […] Jo, dat ass flott. Ech maachen dat och ëmmer sou. De Piano op, an da mat der Pedal, an da kënne se erajäizen, an dann héieren se mol... Jo, wéi dat kléngt... […] Déi bescht Method ass ëmmer vun engem Proff: Setz dech un de Piano, spill et vir, dann ass deng Erklärung scho gutt. Ech maache meeschtens dat. Ech soen ëmmer, wann ech net méi weess wat ech soll... Oder wann ech heiansdo meng Wieder net fannen. Dofir hat ech ëmmer déi zwee Pianoen. Da brauch een net ze rutschen. Wann ee muss ëmmer de Schüler erofrutsche vum Stull, dat ass ëmmer…“

*Iwwert Musek an deeglecht Musizéieren am héigen Alter:*

„... de Piano. wann ech deen net hätt, wär ech net méi hei. Dat war mäi Liewen!“

**Auswiel vun den Zitaten: Danielle Roster**